

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. August 2022


Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

An engem Interview am „Écho des entreprises“ seet d'Madamm Ëmweltminister, datt d'Aarbecht vum „Haut Comité pour l'Industrie“ relancéiert gi wär. Säin Haaptmierk wär elo, ënner anerem, fir d'Dekarboniséierung vun der Industrie ze begleeden. Dozou hätt ech e puer Froen, well d'Corona-Kris eis jo virun Ae gefouert huet, wéi wichteg et ass, Europa nees ze re-industrialiséieren a wichteg Industrien hei ze relokaliséieren:

1. Ass et richtig, datt den „Haut Comité pour l'Industrie“ sech an Zukunft soll prioritär ëm d'Dekarboniséierung vun der Industrie këmmen? Entsprecht esou eng Approche, déi riskéiert d'industriell Aktivitéit nach méi komplizéiert, méi deier a manner wettbewerbsfäeg ze maachen, den urspréngleche Missiounen vun dësem Komitee?
2. Wéi eng Industrialiséierungspolitik gesäit d'Regierung fir Lëtzebuerg an deenen nächste Joerzénge? Wéi eng Secteure solle gestärkt ginn?
3. Wéi dacks ass den „Haut Comité pour l'Industrie“ zënter 2013 (oder zënter senger Grënnung, wann déi méi spéit sollt gewiescht sinn), zesummekomm? Wat war säin Apport an deene leschten 9 Jore? Wéi eng Ënner-Komitéeën huet dat Gremium a wéi si si zësummegeat ?
4. Wéi eng konkret Resultater hat d'Aarbecht vum „Haut Comité pour l'Industrie“ zënter 2013 ?
5. Wéi schafft de Comité mat deenen Instanzen zesammen déi sollen d'Dossiere vun Entreprise préiwen, déi sech hei am Land wëllen nidderloossen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten